

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Am Artikel "exotische Ameisen bedrohen die Artenvielfalt" deen den 23. Mäerz um däitschen Internet Zitt Spektrum.de publizéiert gouf, ass ze liesen, datt den onkontrolléierten Import vun exoteschen Déierenaarten a villen europäesche Länner eng grouss Gefor fir de Räichtum vun deenen eenheemeschen Déierenaarten duerstellt. Dës verbreedden sech net zulescht iwwert en onkontrolléierten Handel an duerch Noléissegkeet vu private Proprietären.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Ëmweltminister:

- 1) Wéi eng Douaneskontrollen si fir den Handel mat exoteschen Déieren aktuell zu Lëtzebuerg en place?
- 2) Muss virum Kaf vun engem exoteschen Déier en Noweis abruecht ginn, datt déi betreffen Déieren net aus dem geplangte Liewensraum ausbriechen an sech onkontrolléiert reproduzéiere kënnen?
- 3) Wéi eng Assurance mussen de Keefer an de Verkeefer fir de privaten Handel mat exoteschen Déierenaarten zu Lëtzebuerg ofschléissen?
- 4) Huet d'Madamm Minister Kenntnis doriwwer, wéi eng invasiv Déierenaarten aktuell zu Lëtzebuerg verbreet sinn? Kéint si eng Opstellung vun deenen eenzelen Aarten an hire Verbreedungsgebidd presentéieren?
- 5) Wéi eng Mesure sinn aktuell en place, fir d'Ausbreedung vun invasiven Aarten ze verhënneren, respektiv drop ze reagéieren?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten